ALEM
Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

**Stage médical d'externat** ou **Stage médical d'externat en dernière année**
**Clinique:** CHL **Service:** Pédiatrie ou **Médecin installé et spécialité:**
**Année d'études:** **5** **Pays d'études:** **Deutschland**

## Notes

| | |
|---|---|
| Enseignement | 0 1 **2** 3 4 5 6 7 8 9 10 |
| Croissance de connaissances | 0 1 2 3 **4** 5 6 7 8 9 10 |
| Encadrement | 0 1 **2** 3 4 5 6 7 8 9 10 |
| Ambiance | 0 1 **2** 3 4 5 6 7 8 9 10 |
| Temps libre | 0 **1** 2 3 4 5 6 7 8 9 10 |

**Note totale : 2/10**

## Rapport

Ech war mat 2 weidere Studentinnen dee Mount an der Kannerklinik. Mir sinn dunn den éischten Dag esou opgedeelt gi dass jidderee vun eis 3 Woche Statioun (Pédiatrie générale) an 1 Woch Kannerurgence matmaache géif. Ech hat initial ugefrot ob ech och en Deel an der Neonatologie maache kéint mee dat ass leider net méiglech.

D'Woch an der Urgence huet mer mega gutt gefall. Ech si hu meng eege Patienten ënnersicht an dokumentéiert an hunn dat da mat enger Doktesch oder enger MEVS (medecin en voie de specialisation) duerchgeschwat. Ech konnt si ëmmer alles froen a si gudd encadreiert ginn.

Allgemeng fanne ech dass et immenz wichteg as franseisch mindestens ze verstoen well immens vill Dokteren francophone sinn an d'MEVS all aus der Belsche an d'Kannerklinik rotéieren.

Ob der Statioun hunn ech keng sou gutt Erfarunge gemaach a géif och net mei dohin zréck goen. Generell ass dat wei ob all Statioun immens ofhängeg dovu weieng Assistenärzte sech déi Zäit em d'Statioun këmmert. Ech hunn di éischt 2 Woche leider keng sou gutt Erfarunge gemaach, ech sinn net gutt encadréiert ginn, meng Froe sinn oft net beäntwert ginn oder ech gouf belächelt dass ech déi Fro gestallt hätt. Ech studéieren an Däitschland, hunn deemno di ganz Befunde bei der kierperlecher Ënnersichung ob dätsch geleiert a konnt deemno net alles ob franséisch. Ech krut du leider reegelméisseg Remarke wei dat kéint sinn dass ech dat net wéisst. Mëttes hu mer dann d'Arztbriefe geschriwwen, vu dass ech nach ni en Arztbrief ob franséisch geschriwwen hu war ech relativ iwwerfuerdert a krut do och rëm d'Ae verdréit well de Bréif net gutt war oder ech nogefrot hu wei een e bestëmmte Saz zum Beispill ausdrécke

ALEM a.s.b.l.
2, Avenue de l'université
L-4365 Esch-sur-Alzette

contact@alem.lu
alem.lu

alem.lu
alem.luxembourg

géif. Sie schaffen an den Arztbreiwer mat Textbausteinen, déi dat ganzt Arztbrief-schreiwe vereinfachen, dat hunn ech awer réischt no 1 Woch rausfonnt well dunn di aner Studentin aus der Belsche mer seng weidergeschéckt huet. Ech sinn dunn owes géint 18 Auer heemgaangen nodeems d'Arztbriefe geschriwwe waren. Meng läscht Woch war ech mat enger anerer Assistenzärztin ob der Statioun, si war super léif, huet sech Méi gi mer Saachen ze weisen a mech ëmmer matzehuelen. Fazit: de Stage ass super ofhängeg dovun u wien ee bei de MEVS geréit an ech denken dass et e gutt Stéck méi angeneem ass wann een a Frankräich/Belsche studéiert well de System dorun ugepasst ass.

## Demande de stage

Via le site du CHL, 5 mois en avance

## Début de journée

Entre 8 et 9h

## Fin de journée

Après 16h

# Activités

- Examen clinique du patient
- Prise en charge autonome du patient
- Rédigement de rapports cliniques

# Domaines

- Urgences
- Service/Visite

# Mise à disposition

- Tenue de travail
- Vestiaire
- Repas gratuit/moins cher
- Participation à des formations
- Accès à l'ordinateur